COPIE

**Fédération des Victimes du Nazisme, Enrôlées de Force** a.s.b.l.

REPRÉSENTANT: L'ASSOCIATION DES PARENTS DES DÉPORTÉS MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS – L'AMICALE DES ANCIENS DE TAMBOW – L'ASSOCIATION DES ENRÔLÉS DE FORCE VICTIMES DU NAZISME – L'ASSOCIATION DES SURVIVANTS DES ENRÔLÉS DE FORCE

Organe officiel:
**«Les Sacrifiés»**

Boîte postale n° 2415
**L-1024 LUXEMBOURG-GARE**

Compte-chèques postales n° 313 29-95

**Luxembourg, le** 29.6.98
5, rue de la Déportation

S.A.R. le Grand-Duc Héritier Henri
Palais Grand Ducal
L-1728 Luxembourg

Monseigneur,

Lors de Votre visite le 16 juin 1998 au Mémorial de la Déportation, et après la projection d'extraits du vidéo "Tambow", Vous m'aviez posé la question pourquoi les Russes n'avaient-ils pas rapatrié plus tôt les prisonniers luxembourgeois.

Les raisons étant multiples, nos réponses ne pouvaient être complètes.

Pous ces raisons, pour Votre information et documentation je joins à la présente le discours à ce sujet que j'ai tenu en 1995, 50e anniversaire de la fin de la guerre.

En Vous réitérant mon fidèle attachement, je Vous présente, Monseigneur, mon profond respect.

Jos. WEIRICH
Président National

D'läscht Joër, ufanks September, – hu mir am ganze Land mat enger laanger Rei vu Gedenfeieren de 50. Anniversaire vun de Liberatioun begaangen . Et ware frou a glécklech Deeg, wéi et virun 51 Joer, no 4 Joër a 4 Méint vu preisescher Okkupatioun a Nazi-Terror endlech Schluss war. Eis Heemecht war erem fräi!

Photoen a Reportagen an allen Zeitungen, Revuen, Radio an Televisioun hun äis, déi Eeler, nees virun Ae gefouert, wéi iwerschwänglech gleckleċh a begeeschtert mir, déi Ennerdréckten, d'alliiéert Zaldoten, de Prënz Félix an de Prënz Jean empfaangen hun. A ganz secher konnten och eis jénger Generatioune sech eng Viirstellung vun där deemoleger Freed maache, wa si sech Photoen a Biller ugekuckt hun.

Awer och un d'Trauer gouf erënnert, déi a ville Familje war, wou nach een, oder der esou nach méi nët erëm doheem waren, well den Ennerdrécker si nach a senge Krallen hat. A ganz besonnesch fir äis, déi vun der zwangsrekrutéierter Generatioun, gouf et alles aneschtes, as ewéi Freed. Nëmmen en klengen Deel vun de Refractäre war hei heem a konnten d'Libereratioun matfeieren. Déi meeschte vun de Réfractäre waren nach an de Nopeschlänner oder bei den alliéierten Arméien. Ronn 7.500 vun deenen 12.000 enrôlés de force déi mer registréiert hun, waren zu deem Zäitponkt nach nët an d'Heemecht zreckkomm. Bis zum Dag vun der Libèratioun gouwen am Lëtzebuerger Land 800 Jongen als gefall oder als vermësst gezielt. Eng helle Wull vu Jonge war schon a Gefaangenelager, oni datt déi heiheem eppes dervu wousten. Si ware vun der Heemecht ofgeschnidden, grad ewéi d'KZler an déi Emgegesiedelt. Vun do heem an no heem si keng Noriichte méi zirkuléiert. A wann et Noriicht gouf , da ware se schlecht oder falsch. Aus de Wehrmachtsberiichter hun d'Jonge vun der Rundstedtoffensiv héieren. A wat se do gewuer goufen, huet se bis an déifst vun hirer Séil décourageiert, well déi Erfollegsmeldunge vun der Wehrmacht waren därmossen opgebauscht a falsch, wéi se nët méi falsch konnte sin.

No der éischter Begeeschterung iwert d'Liberatioun hun déi heiheem sech vun Dag zu Dag, dee vergaangen as, méi grouss Suerge gemat ëm déi déi nach wäit ewech, irgendwou an der Friemd waren. Den 23. September 1944 koum eis Exilregierung zreck op Lëtzebuerg. All ze vill Begeeschterung gouf dese Ministere nët ëntgéint bruecht. Si waren eng laang Zäit wäit vum Schoss gewiescht. Si ware nët derbäi, wéi d'Vollek gepéingecht gouf a gelidden huet. Mä dach ware vill Leit am Land der Meenung, datt déi Relatiounen déi si a méi wéi 4 Joer déisäit dem Pull obgebaut sollten hun, elo aktiv an huerteg kënnte genotzt gin, fir all déi, déi nach an der Friemd waren, nees heem bei hir Familjen ze brengen. Dat war awer nët de Fall!

Si hun emol fir d'éischt u sech geduecht. Si hu versicht hir Positounen ze festegen, an dat besonnesch vis-a-vis vun der „Unioun"an de Resistenzorganisatiounen. E regelrechte Machtkampf war deemols têschend dëse 2 Gruppen entstanen. Esou schreiwt d'"Union" den 2ten Dezember 1944:

**„Nälscht fir ongutt, dir Hären! Mä doranner därft dir iwerhapt nët matschwätzen. Dir wësst nët wat hei lass war."**

A wéinst dësem politische Gerängel a Gestreits ëm Ministerposten gëtt näischt oder nëmme rose wéineg ënnerholl, fir eis KZler, Emgesiedelt an Zwangsrekrekrutéierter zreck an Land ze huelen.

Wéinst all deem Duercherneen vun deemols as d'Ligue „ons Jongen" an och d'Elterevereenegung entstanen. D'Ligue „ons Jongen" organiséiert hiren eegene Rapatriéierungs-Service. D'Membere vun der Elterevereenegung gesi sech forcéiert individuell Démarchen ze ënnerhuelen, fir hir Jongen a Meedercher a chaoteschen Zoustänn ruechter Europa ze sichen.

Ebenfalls hu mer erliewt, wéi mer eis éischt Krichsmutiléiert mat privater Initiativ an d'Ausland gescheckt hun, well eis Dokteren an eis Spideeler keng Erfahrung haten an nët equipéiert waren fir fachmännesch ze hëllefen.

D'accord, dass et net licht war fir eis Regierungsleit, lëtzebuergesch Interesse virun alliéiert Militärinteressen ze setzen.

De Krich war nach nët eriwer! Däitschland hat nach laang net kapituléiert.

Wéi gesot: Amplaz sech virdergrënneg em de Rapatriement vun hire Landsleit ze këmmeren, gët all Zäit a Méi verpolfert a fanatesch prioritär sech em politesch Positiounen a Ministerposte gekëmmert. Dat gong vir!

Konfrontéiert mat den Taatsaache vun deemols muss ee schlussfolgeren an unhuelen, dass d'Exil-Regierungsequipe drop aus war, fir d'KZler, Déportéiert a virun allem d'Zwangsrekrutéiert nëmme ganz lues nees zréck an d'Land kommen ze loossen. Si sollten esou laang dobausse gehale gin, bis hir Positioune genügend gefestegt waren.An der Belsch hat d'Exil-Regierung Pierlot direkt démissionnéiert, wéi si zreck an d'Land koum. A Frankräich war e neie Mann un der Spëtz: De Generol De Gaulle. Awer hei bei äis sin déi 4 Ministere nët gewach. Au contraire! Politesch vill méi raffinéiert wéi d'Leit vun der „Union", hun eis Exil-Ministeren en integere Mann wéi de Pierre Frieden aus der Resistenz gesprengt an an d'Regierung geholl. Esou och e Robert Als, e Guillaume Konsbrück an e Jos. Schroeder, e Fachmann fir d'Reconstruktioun. Si krute Ministeschposten. D'«Uniouns» Leit goufe mat Plazen an der Assemblée Consultative getréischt, isoléiert, immobiliséiert an haten näischt méi ze bestëmmen.

A während all dëse

Méint , si verschleeft a nët rapatriéiert Lëtzebuerger wäit fort an der Friemd gestuewen, an de KZter, de Prisongen, an den Emsiedlingslageren an an de Gefaangenelager.

An de Méint an de Joeren nom 10. September 1944 a bis dass dee läschte Rapatriéierte nees doheem war, sin nach 2.200 Zwangsrekrutéiert entweder gefall, gestuerwen oder vermëst gin. Am Äis an am Schnéi hun d'Jongen a Russland vegetéiert, Honger a Roserei am Bauch. Déisäit der Oder an der Neisse waren se a Lazaretter, a Gefaangenenlager, hannert pickegem Drot, physesch a moralesch krank bis an den Doud. Zu Tambow, op Rhodos, an Afrika, a Frankräich, an England an am Preiseschen hun se gedauert a gepauert, esou wéi wann de Krich nach nët eriwer wier.

De Generol Petit as d'Elsässer an d'Lothrenger op Tambow siche gaang. Awer eise Minister Blum zu Moskau krut nach nët emol d'Erlabnës fir an Lager 188 ze goen.

Wann Enrôlés aus der Friemd heemkoumen, da meeschtens op eegen Initiativ, als Fransuski oder mat allerhand Tricken, Risiken an engem ongeheire Courage. Vun doheem krute si nët vill Hëllef a vu Regierungssäit esou gutt ewéi näischt. Et därf kee soen, den deemolge Ausseminister Joseph Bech hätt neischt vun deene sëllechen Enrôlés de Force gewousst, déi dobaussen an der Friemd soutzen. Hien hat vu villen offiziellen an inoffizielle Säiten masseg Informatioune zougedroe kritt.

Huele mer nëmmen als eenzegt Beispill d'Enrôlés de Force, déi op den Insele Rhodos, Leos, Kreta oder an Ägypten soutzen, also nët a Russland, wéi deemols de 8. Mee 1945 de Krich eriwer war. Bis den 23. Februar 1946 huet et gedauert, bis dës Lëtzebuerger op eegen Initiativ vun Ägypten aus, iwer England, Bréissel no Lëtzebuerg zreckkoumen. Eis Regierung wousst ganz genau bescheed, dass des Jongen do a Krichsgefaangenelager festsoutzen.

Nodeem ons Grande-Duchesse Charlotte de 14. Abrël 1945 erëm heiheem war, biedelt d'"Union" de 24. Abrël: ***„Madame schenkt ons eng nei Regierung“***. An déi leedgepréifte Leit vun der Elterevereenegung sin och bei Grande-Duchesse gepilgert a froten: ***„Madame hëlleft ons „ons Jongen“ aus Russland heem ze huelen.“***

Wa mir haut 51 Joër no dësen déprimanten Ereegenësser äis domadde beschäftegen, da geschitt dat nët aus Rancune oder aus Béisswëllegkeet. Mir kënnen an därfen d'Taatsaachen, esou wéi se waren a sin, nët ënner den Desch kieren. Et gëllt déi rezent Geschicht opriichteg duerzestellen. Et as eis Verflichtung onse Kanner a Kannskanner ze soen, wéi et deemols war a wat alles lass war.

A wa mer haut un ons onglécklech Komerodinnen a Komeroden zréckdenken, da musse mer äis d'Fro stellen, ob deen een oder anere nët dach nach hätt gerett kënne gin. Hun zu Tambow an zu Kirsanow, grad ewéi op hirem Heemtransport 217 Jonge wiirklech musse stierwen? An dat, nodeem se all dat Schrecklecht vun den Fronten iwerliewt haten an an den Hänn vun Alliéierte waren! War et nëmmen eng liichtsenneg gefaassten Opfuerderung vun den Exil-Ministeren, wann se iwer d'Welle vun der BBC eis zougeruff hun: *„Jonge laaft iwer!“*, awer oni drun ze denken oder datt iwerhapt entspriechend Accoren mat den alliéierte Militärautoritéiten getraff gi waren?

Am Krich hu mir Lëtzebuerger all zesummegehalen géint den Ennerdrécker, de gemeinsame Feind. Awer esou bal wéi d'Freiheet erëm do war, war och de Sträit an d'Nëtvergonnen ënner de Lëtzebuerger nees do. Esou ruhmräich och onst Verhaale während de 4 Joër vun der Naziherrschaft war, esou onréimlech waren d'Zäiten duerno.

Haut, méi wéi 50 Joër no deene grujlechen Ereegnësser huet d'Generatioun vun den Enrôlés de Force näischt méi ze bestellen. Déi vun äis déi bis haut iwerliewt hun sin aal Meedercher an aal Jonge gin. An dach hu mer nach eng gewalteg Charge op eise Schëlleren: Mir mussen opriichteg informéiren an ständegst warnen. Well, wa mer an der Welt rondrëm ons kucken, da kann ët ons, deene schon eemol Geafferten an Erfuerenen Angscht gin. Angscht, datt déi Responsabel op nationalem wéi internationalem Plang allze liichfärdeg ëmgi vis-à-vis vun den Ereegnësser wéi mer se um Balkan an am noën Osten erliewen, fir nëmmen dës zwou Plazen stellvertriedend fir anerer ze ernimmen. Et fillt ee sech zréckversat an d'Johre 1933, 1939 an 1940, wéi déi deemoleg responsabel Politiker gefréckelt a geréckelt, bis dann alles ze spéit war.

Vill gutt Lëtzebuerger hu misse mutwëlleg a fréizäiteg an den Doud goën. Loss mer nëmmen hoffen a bieden, dass dëst nët nach eng Kéier geschitt, an datt déi jëtzeg a kommend Generatiounen mat all hirer Kraaft bäidroën, datt den Affer vun deene sëllegen, déi hirt Liewe fir ons Fräiheet an ons Onofhängekeet gin hun, all därer, deene mer haut hei gedenken, nët ëmsoss war.